COMMISSION DES
SPORTS ET LOISIRS
ET DE LA JEUNESSE

Jonglënster, de 15. September 2025

# 22. Reunioun – Rapport

**11. September 2025 – Centre sportif „Op Fréinen"**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 21. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Gamechangers

- Den INAPS huet ugebueden an d'Gemengen ze kommen an hei Formatioune fir d'Veräiner ze maachen. Als Kommissioun hu mir entscheet dëst unzegoen.
- De Schäfferot huet ee Bréif, datéiert op de 5. September 2025, un alleguerten d'Sportsveräiner erausgeschéckt, dëst mat der Aluedung op den Atelier « Renforcer le bénévolat dans le sport ».
- Dat Ganzt fënnt Donneschdes, de 16. Oktober 2025 vun 18h30 bis 20h00 Auer am Centre culturel « Am Duerf » statt.
- Kuerz Erklärung wat deen Owend an deem Atelier konkreet stattfënnt, esou kruten d'Veräiner et och vum Service Communication matgedeelt:
  - L'INAPS (Institut National de l'Activité Physique et des Sports) s'engage activement en faveur du renforcement et du soutien du bénévolat au Luxembourg. Dans ce cadre, un guide pratique a été élaboré pour aider efficacement les associations sportives à organiser et à coordonner leurs bénévoles. Ce guide sera présenté de manière concrète lors de cet atelier, au cours duquel le rôle du coordinateur de bénévolat au sein d'un club sportif sera expliqué. La commune invite ensuite à un vin d'honneur.
- Och alleguerten d'Memberen aus der Sport- a Jugendkommissioun sinn häerzlech hei invitéiert. Jidderee muss sech selwer iwwert de QR-Code respektiv de Link an der Invitatioun individuell umellen. D'Umeldunge si bis Freides, den 10. Oktober 2025 op.

## 5) Seefekëschterennen

**Allgemeng Organisatioun**

- Eng Garage-Ramp gëtt den Dag selwer zur Verfügung gestallt.
- Fir den Arrivée-Arc feelen nach Neiegkeeten aus Déifferdeng.
- Den Agent municipal huet d'Plaz besicht – elektresch Installatiounen si gekläert.
- Start Zäit: 13:00 Auer
- Präisiwwerreechung: 18:00 Auer

**Material a Logistik**

- Soundsystem: Bei der Gemeng soll ee System mat 3 Statiounen + 2 Mikroe gefrot ginn, soss d'JBL mat 2 Mikroen.
- Walkie-Talkie: Mussen organiséiert ginn – Tim léint déi vun Déifferdeng aus.
- Chronometer: Vun der Gemeng Bissen, inklusiv Sensoren. D'Gemeng mécht eng Konventioun.
- Sécherheetskontroll: D'Sécherheetsdéléguéiert vun der Gemeng mécht de Contrôle technique.
- Botten: Beim Bauer d'Botte confirméieren an déi genau Unzuel duerchginn, fir d'Ofzesécheren a fir méiglech Sëtzméiglechkeeten.

- Clôturen: Ganz Streck gëtt hannert de Botten ofgespaart.
- Equipement: 4 Dëscher + 2 Bänken

**Präisser a Sponsoring**

- D'Presidentin këmmert sech ëm Sponsoren (u.a. Rischette, Tweenz a Pizzaguy). Bei de PizzaGuy gi mir en Dënschdeg Owend zesummen.
- Präisser:
  - 1, 2. & 3. Plaz kréien eng Coupe
- Medailen: Alleguerten d'Participante kréien eng Medaile.
- Coupen: Déi si scho bestallt, och fir Championnat Général zesumme mat Déifferdéng.

**Jugendhaus**

- RDV Jugendhaus: 11:00 Auer (2 Responsabeler vun hinne sinn do).
- 1 Responsabel vum Jugendhaus ass Techniker fir d'Seefekëschten.
- Si bréngen hiert eegent Zelt mat.
- Gedrénks: Mocktails + Gedrénks
- Ursprünglech war ugeduecht och Béier ze verkafen. Doduerch dass alleguerten d'Jugendhaiser vun der Croix-Rouge an hirer Charte keen Alkohol stoen hunn, gëtt dëst ugepasst. Beim Gedrénksbuttek u Iechternach ass follgendes bestallt:
  - 3 Cajote LetzCola (soss Coca-Cola)
  - 3 Cajote Multivitaminjus
  - 4 Cajote Rosport Blue
  - 4 Cajote Viva

**Eis Seefekëscht**

- De Logo nei maachen, faarweg sprëtzen an eventuell Beschiedegungen ausbesseren.
- De Spoiler muss verstäerkt ginn.
- D'Reparaturen bannent enger Woch ofschléissen.

**Staff & Tshirts**

- Staff-Tshirts gi vum Jugendhaus ugedoen.
- Presidentin bestellt Tshirts beim RCM:
- Logo Sportskommissioun op der Broscht
- Grousse Logo um Réck
- Numm gëtt dropgedréckt

**Dagesoflaf**

- 08:00 Auer – RDV fir Opriichten
- 08:30 Auer - Arrivée Botten
- 10:00 Auer – Déifferdeng kënnt mat Material

- 11:00 Auer – Jugendhaus-RDV
- 12:00 Auer – Contôle technique
- 13:00 Auer – Start vun der Course
- 15:00 Auer - Finish vun der Course
- 16:30 Auer – Bauer fir Botten
- 18:00 Auer – Präisiwwerreechung

**To-Do's**

- Gemeng uruffe wéinst dem Soundsystem.
- Botte beim Bauer confirméieren + Auerzäiten duerchginn.
- Walkie-Talkie beim Tim organiséieren.
- Fonds de Caisse bei der Gemeng ufroen.
- Reparatur un eiser Seefekëscht ofschléissen.
- Déifferdeng confirméiere wéinst Arrivée-Arc a Material.
- Konventioun mat Biissen checken.

**Zukunft**

- D'Jugendhaus iwwerleet, d'Seefekëschterennen d'nächst Joer ze iwwerhuelen.
- Méiglech Kooperatioun mat anere Jugendhaiser vun der Croix-Rouge.
- D'Kommissioun géif d'Leedung an d'Organisatioun dem Jugendhaus iwwerginn, mee si op deem ganze Wee begleeden.

## 6) Oppen Diskussiounen

- Workshop Laserschwert
    - Dësen ass elo fest de 15. November 2025 a wäert vun 12 – 18 Auer am Spigelsall „Op Fréinen" stattfannen.
    - De Service Communication huet da Presidentin zougesot, fir ee Flyer ze zesummen zemaachen. Si wäerten sech hei an deenen nächste Wochen austausche fir dëst zesummen no vir zebréngen.
    - Et kascht 30 € pro Persoun, 25 € ginn un eng Associatioun an Däitschland, 5 € si fir déi lafend Käschten

- Pumptrack
    - De Schäfferot huet eis matgedeelt, dass nach Bänke ronderëm de Pumptrack virgesi sinn an och scho bestallt sinn. Dëst gëtt zesumme mam Lënster Lycée duerchgefouert.
    - Déi éischt Resonanz déi mir kruten iwwert de Pumptrack ass ganz positiv an esou gesi mir nach weider Potenzial fir ze verbesseren.

## 7) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 20.09.2025 | 08:00 | Lënster | Seefekëschterennen |
| 09.10.2025 | 19:00 | Op Fréinen | 23. Versammlung |

## 8) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär